N°1842
Entrée le 24.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 27.01.2025

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 24. Januar 2025

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister an den Här Inneminister weiderzeleeden.

Et ass e Fait, datt eng héich Zuel vun avertissements taxés (AT), déi vun der Police wéinst Verstéiss géint de Code de la Route ausgestallt ginn, net bezuelt ginn. Och tauchen eng Rei Léit déi vun der Police convoquéiert ginn, net op.

Dofir wéilt ech de Ministere follgend Froe stellen:

- Wéi vill avertissements taxés wéinst Verstéiss géint de Code de la Route goufen an deene lëschte 5 Joer ausgestallt ?
- Wéi vill dovu goufen effektiv bezuelt?
- Wéi héich ass d'Gesamtzuel an de Gesamtmontant vun deenen déi net bezuelt goufen?
- Wéi vill Fäll goufen un de Parquet weidergeleet ?
- Wéi vill Strofen a wat fir enger Héicht goufe gesprach a wéi vill Fäll goufe klasséiert?

Mat déiwem Respekt,

Mars Di Bartolomeo
Députéierten



Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu